N°2641
Entrée le 03.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, a vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2641 vum 22. Juli 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Cas de discrimination et d'homophobie au Luxembourg"**

Homophobie ass Géigestand vun Definitioune vun internationalen Organisatiounen, wéi beispillsweis den Europarot oder d'Fundamental Rights Agency vun der Europäescher Unioun. Dës Definitioune stellen eng wichteg Grondlag vun eiser gläichstellungspolitescher Aarbecht duer. Dobäi bezeechent Homophobie Virurteeler, Ängschten, Aversiounen, ofleenend Haltungen oder den Haass géintiwwer homosexuellen, bisexuellen an Transpersounen. Streng geholl fält och de Begrëff vun der Lesbophobie dodrënner. Op Basis vun dëse Motiver kënne konkret Diskriminatiounen entstoen, wéi och psychesch wéi och physesch Gewalt. Doriwwer eraus geschéien Diskriminatiounen net nëmmen offensichtlech, mä kënne subtiller, systemescher a repetitiver Natur sinn.

Zu dëse Motiver bestinn am Lëtzebuerger Strofrecht eng Rei Artikelen, déi sech konkret op Diskriminatiounen a Bezuch zur sexueller Orientéierung an zur Transidentitéit bezéien, dorënner d'Artikelen 454, 455 a 456 aus dem Code pénal. Doriwwer eraus gëtt et den Artikel 80, deen erschwéierend Ëmstänn virgesäit, wann eng Dot opgrond vun den Artikelen 454 a 455 geschitt. Zu gudder Lescht hu mer eng Constitutioun, déi de Gläichheetsprinzip vun alle Bierger·Innen festschreift.

D'Äntwerten op de Froen 1-3 baséieren op Donnéeën vun aktéierte Faite vun Diskriminatiounen a Strofdoten vun der Police bzw. de Justizautoritéiten, wat d'Condamnatiounen ugeet. Et ginn awer och doriwwer eraus Fäll, déi sech net an dësen Zuelen erëmspigelen, well déi betraffen Affer keng Plainte gemaach hunn, mee sech awer z.B. un e Berodungservice oder un en Konsultatiounsorgan wéi z.B. den Centre pour l'égalité de traitement gewant hunn (Fro 4).

**Wéi vill Fäll vun Homophobie goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?**
**Wéi vill Fäll vun Diskriminéierung goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?**
**Ginn et zu Esch méi där Fäll wei am Rescht vum Land?**

Spezifesch Statistiken zu Faite vun Homophobie an de vergaangene 5 Jore leien net vir.

Homophobie fält rechtlech gesinn an d'Kategorie „Diskriminéierung" a gëtt an den Datebanke vun der Police net separat opgelëscht.

D'Police féiert zanter 2022 eng intern Datebank vun aktéierte Faiten op Basis vu Procès-verbaux :

| **Kat. Discrimination** | **2022** | **2023** | **2024** |
|---|---|---|---|
| **Total** | 43 | 64 | 69 |
| **Niveau national** | 41 | 61 | 57 |
| **Esch/Alzette** | 2 | 3 | 12 |

Déi aktuell JUCHA-Applikatioun vun der Justiz erlaabt och keng Ventilatioun, weder vun der regionaler oder geographescher Natur, nach vun der Typologie vun den Diskriminatiounen. Déi disponibel Donnéeë concernéieren all Zort vun Diskriminatiounen, net nëmme déi géint d'LGBTIQ+-Communautéit.

Den Tableau heidrënner zielt d'Condamnatiounen op, déi di lescht 5 Joer op Basis vum Artikel 457-1 vum Code pénal (CP) (incitation à la haine) an déi schonns genannten Artikele 454, 455 a 456 vum CP gesprach goufen.

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Condamnations*** | 8 | 14 | 12 | 10 | 8 |

**par date de décision coulée en force de chose jugée.*

Et ass nach wichteg ervirzehiewen, dass déi Zuelen hei sech eleng op rechtskräfteg Urteeler bezéien, an net Urteeler an 1. Instanz. Doriwwer eraus ginn et och nach Dossieren, wou nach eng Enquête leeft.

Betreffend den Artikel 457-1 vum Code pénal gëtt dësweideren op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°1934 vum 15. Abrëll 2025 zum Thema "Online-Hatespeech" verwisen[1] .

**Ass d'Situatioun insgesamt fir d'LGTBIQ-Communautéit méi schlëmm ginn?**

De Kontakt an d'Zesummenaarbecht mat Organisatioune vum Terrain sinn vu grousser Wichtegkeet fir erauszefannen, ob sech Diskriminatioune vu Persounen aus dem LGBTIQ+-Spektrum verschlëmmert hunn. De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit schafft an deem Kontext mat enger ganzer Partie Organisatiounen an Servicer zesummen, déi d'Besoine vun de LGBTIQ+-Persounen an de Mëttelpunkt vun hirer Aarbecht stellen[2], an déi och am interministerielle Comité LGBTIQ+ élargi[3] vertruede sinn. An dësem Comité sinn och Consultatiounsorganer vertrueden, déi sech am Kader vun hirer Aarbecht ënnert anerem och op dës Themen an Zilgruppe fokaliséieren, wéi z.B. de Centre pour l'égalité de traitement, d'Commission consultative des droits de l'homme, de Centre national de référence pour la promotion de la santé affective et sexuelle oder de CID Fraen an Gender.

Virop ass ze soen, datt sech aus deenen Informatiounen, déi mer deelweis vun dësen Acteuren kruten, kee Gesamtbild zeechnen léisst, ob d'Liewenssituatioune vu LGBTIQ+-Persounen sech verschlechtert hunn oder net. Allerdéngs hunn d'Diskussioune ronderëm eng Bicherliesung vun der Tatta Tom 2023 wéi och ronderëm d'Petitioun 3198 (2024, 2025) dozou bäigedroen e Klima ze schafen, besonnesch an de sozialen Netzwierker, wat d'Verbreede vun Haassried mat zum Deel konkrete Gewaltopriff géint LGBTIQ+Communautéiten op mannst begënschtegt, wann net souguer promouvéiert huet. Als Konsequenz dorobber huet de Centre CIGALE an der Folleg en Ustiig vu Consultatiounen sur Place, iwwer Mail oder iwwer Telefon enregistréiert.

Am Kader vum éischten nationalen Colloque LGBTIQ+ am Mäerz 2025 huet d'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne (FRA) d'Resultater vun enger rezenter Enquête iwwert d'Situatioun vu Persounen aus dem LGBTIQ+ Spektrum zu Lëtzebuerg presentéiert. D'Enquête huet zum enge gewisen,

---

[1] *QP n°1934 du 15 avril 2025 (https://wdocs-pub.chd.lu/docs/exped/2025/04/QP_58533_1744698174044.pdf)*
[2] Rosa Lëtzebuerg, Centre CIGALE, ITGL, LEQGF, queerloox, Familljencenter.
[3] https://legilux.public.lu/eli/etat/adm/agc/2024/04/15/b1788/jo

datt d'Lëtzebuerger Gesellschaft eng grouss Oppenheet géint LGBTIQ+ Communautéiten huet. Gläichwuel bestinn nach ëmmer Diskriminatiounen am Alldag, dëst souwuel am ëffentleche Raum wéi och an de soziale Medien.[4]

De Comité interministériel LGBTIQ+ élargi[5] huet sech an de Reuniounen 2024 a 2025 mat dëser Thematik auserneen gesat, fir mat deenen eenzelen Organisatiounen a Berodungsorganer de Point ze maachen. Am Joresrapport 2024-2025, dee vum Regierungsrot an der Reunioun vum 20. Juni aktéiert gouf, huet de Comité ënnert anerem duerfir och festgehalen: « *Par ailleurs, le Comité a évoqué les deux **pétitions n° 3198** (Exclure les thématiques LGBT de l'éducation des mineurs) et **n° 3281** (Développer davantage encore les thématiques LGBTQ+ et du Vivre Ensemble dans l'éducation des mineurs) (…) pour aider à élaborer une stratégie de réaction par les deux ministères concernés[6] en vue du débat parlementaire de janvier 2025, une réaction qui prend également en compte les expériences faites par les organisations représentant les communautés LGBTIQ+ au moment du dépôt des pétitions. Au-delà des questions relatives à l'intégration des thématiques LGBTIQ+ dans le système d'éducation luxembourgeois, le Comité a souligné la montée du discours de haine. En effet, les pétitions ont suscité des réactions ouvertement hostiles à l'égard des communautés LGBTIQ+ qui ont été véhiculées sur les réseaux sociaux, ainsi que sur les sites en ligne de certains médias luxembourgeois. (…) Le Comité recommande (...) que le gouvernement réagit de manière conséquente sur les pressions pesant sur les personnes appartenant aux communautés LGBTIQ+ en termes de montée du discours de haine en adoptant une attitude résolue et non ambiguë pour faire face aux mouvements anti-genre et anti-LGBTIQ+ et leurs discours dévastateurs véhiculés en ligne et hors ligne.* ».[7]

De MEGA wéilt doriwwer eraus nach gären zwou aner Sourcen ervirhiewen, déi beleeën, datt Diskriminatiounen an Strofdoten opgrond vu sexueller Orientéierung an Transidentitéit duerchaus eng Realitéit zu Lëtzebuerg duerstellen.

De Centre CIGALE geréiert säit 2024 de **Projet LILI**[8] (Luxembourg Institute for LGBTIQ+ Inclusion), deen am Juli 2025 een éischten Rapport publizéiert huet, iwwert gelieften an erlieften Diskriminatioune vu Persounen aus den LGBTIQ+ Communautéiten. Dëse Projet steet jidderengem deen de LGBTIQ+ Communautéiten ugehéiert zur Verfügung an ass duerfir do, konkret Diskriminatiounen an/oder Gewalterfarungen ze rapportéiren. Déi doranner ausgewäerten Donnéeë kommen zu engem eendeitegen Schluss, datt LGBTIQ+ Persounen am alldeeglechen Liewen an a ganz ville Liewensberäicher Diskriminatiounen erliewen.[9] De Rapport mécht och eng Rei Recommandatiounen a Saachen

[4] EU LGBTIQ survey III – LGBTIQ Equality at a Crossroads: Progress and Challenges, Country Data – Luxembourg, FRA – European Union Agency for fundamental rights

[5] De Comité interministériel LGBTIQ+ besteet aus Vertrieder·Innen aus allen Ministèren. De **Comité interministériel LGBTIQ+ élargi** setzt sech aus dem Comité interministériel LGBTIQ+ an de Vertrieder·Innen vun den Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft zesummen.

[6] Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité, Ministère de l'Éducation nationale, de la Jeunesse et de l'Enfance

[7] Comité interministériel LGBTIQ+, Rapport annuel 2024-2025

[8] https://www.lili.lu/

[9] « Les personnes LGBTIQ+ continuent de vivre, trop souvent, dans un climat de crainte, d'invisibilité et de désengagement. Les chiffres parlent, mais ce sont surtout les voix, les récits, les silences et les évitements qui témoignent d'un vécu marqué par la méfiance, l'épuisement psychique et l'absence de reconnaissance. Il ne s'agit pas ici de faits divers isolés, ni d'une addition de souffrances individuelles. Les discriminations documentées, les symptômes de psycho traumatisme complexe décrits, les stratégies d'évitement et les repliements sociaux observés sont les effets directs d'un environnement qui reste inégal, institutionnellement fragile, et culturellement ambivalent à l'égard des minorités de genre et d'orientation. L'enjeu est collectif. Les conséquences ne s'arrêtent pas aux personnes concernées. Elles affectent la santé publique, l'éducation, la cohésion sociale, la confiance dans les institutions. Une société où certaines identités doivent se cacher pour exister est une société où l'égalité est

Datenerhiewung. D'Weiderféierung vun dësem Projet steet och als konkret Aktioun am Nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun de Rechter vun LGBTIQ+-Persounen.

De **Centre pour l'égalité de traitement** (CET) publizéiert a senge Joresrapporten[10] Zuelen iwwert déi Dossieren, déi sech op Diskriminatiounen opgrond vun der sexueller Orientéierung bezéien :

2020 : 12 gemellte Virfäll – bei 203 traitéierten Dossieren[11]
2021 : 9 gemellte Virfäll – bei 245 traitéierten Dossieren[12]
2022 : 5 gemellte Virfäll – bei  240 traitéierten Dossieren[13]
2023 : 11 gemellte Virfäll – bei 250 traitéierten Dossieren[14]

Fir de Fuerschungsstand an d'Qualitéit vun den statisteschen Donnéeën zu dësen Themen ze verbesseren, gesäit souwuel de Nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun de Rechter fir LGBTIQ+-Persounen[15], wéi och den Nationalen Aktiounsplang iwwert geschlechtsbaséiert Gewalt[16] Mesuren a konkret Aktioune vir, déi de Gläichstellungsministère an Zesummenaarbecht mat anere Ministèren an de kommenden Joren wäert ëmsetzen.

Lëtzebuerg, den 3. September 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN

conditionnelle — donc partielle. Mais ce rapport ne se veut pas uniquement un constat. Il est aussi un appel à l'action. Les recommandations formulées — sur la formation, la santé mentale, la visibilité — sont concrètes, réalistes et alignées avec les engagements européens. Elles peuvent être mises en œuvre, dès maintenant, par les pouvoirs publics, les institutions, les acteurs de terrain. Car ce que demandent les personnes interrogées n'est pas un traitement de faveur. Elles demandent à pouvoir vivre, apprendre, aimer, circuler, exister — sans avoir à se justifier, se cacher ou se défendre. Le Luxembourg en a les moyens. Il reste à en faire une priorité. » dans *Enquête sur les violences et discriminations LGBTIQ+ au Luxembourg* », LILI – Luxembourg Institute for LGBTIQ+ Inclusion, Centre LGBTIQ+ Cigale, p.61 (https://www.lili.lu/wp-content/uploads/2025/07/Rapport-LILI-ok.pdf)
[10] https://cet.lu/publications-2/
[11] Rapport-annuel-2020.pdf (Säit 27 vum Rapport)
[12] Rapport d'activités 2021 (Säit 29 vum Rapport)
[13] Rapport d'activités (Säit 51 vum Rapport)
[14] A4_Rapport_dactivités_version-fin.pdf (Säit 41 vum Rapport)
[15] https://gouvernement.lu/dam-assets/images-documents/actualites/2025/07/21-backes-pan-lgbtiq/documents/20250723-pan-lgbtiq-2025-mega.pdf
[16] https://gouvernement.lu/dam-assets/images-documents/actualites/2025/06/30-backes-rapport-violence/pan-violences-genres.pdf